



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet, vun der Madamm Sam Tanson, Justizministesch an vum Här Pierre Gramegna, Finanzminister, op d'parlamentaresch Fro n° 5082 vum 11. Oktober 2021 vum honorabelen Deputéierte Marc GOERGEN iwwert "Kryptowärungen"

Ad Fro 1.) : Am Fall wou de Staat Kryptowärung beschlagnaamt, wéi ginn dës Wärunge stockéiert? Besetzt de Staat eng Wallet an där d'Coins gespäichert ginn?

Fir all saiséierte Montant vun enger Kryptowärunge gëtt e separate « Wallet » vun der Police « Section Nouvelles Technologies » erstellt, wourop dann dës Montant transferéiert gëtt. Des Eegenentwécklung baséiert op Erfarungen an Developpementen aus dem Ausland.

Ad Fro 2.) : Am Fall wou de Staat dës Wärunge net selwer stockéiere géif, mee op extern Firmen zrëck géif gräifen, kann d'Regierung d'Modalitéite vun dëser Zesummenaarbecht erklären? Wéi gëtt/géif dësen externe Service Provider kontrolléiert (ginn)?

Et gëtt aktuell net op extern Firmen zeréckgegraff.

Mam Projet de loi n°7452 soll e neien Kader mam « Bureau de gestion des avoirs (BGA) » geschaafe ginn, deen déi Gidder dann verwalten wäert.

Dozou gehéiert och d'Méiglechkeet fir mat externen Prestataire zeszummeschaffen wann d'Verwaltung vun de Gidder speziell Ufuerderungen stellt, esou wéi dat bei Kryptowärunge de Fall ka sinn. De BGA ka mat deenen Prestataire Kontrakter ofschléissen, laangfristeg oder fir punktuell Missiounen.

Well de BGA ënnert dem Statut vun engem "Service d'État à gestion séparée" geschaafe soll ginn an ënnert der Tutelle vum Justizministère soll operéieren, ënnerläit de BGA de gesetzlechen Bestëmmungen a Kontrollmechanismen déi fir all staatleche Service applikabel sinn.

Dat heescht zum Beispill, dass jee no Envergure vum Kontrakt mam Prestataire, d'Reegelen fir öffentlech Ausschreibungen musse respektéiert ginn.

Den externen Prestataire huet net d'Recht selwer iwwert den Portefeuille ze decidéieren. Den Untersuchungsrichter muss ëmmer den Uerder ginn fir saiséiert Gidder ze veräusseren.

Lëtzebuerg, den 11. November 2021

Den Ministère de la Sécurité intérieure

(s.) Henri KOX